Här
Lucien WEILER
President vun der Volleksvertriederkummer

CHAMBRE DES DEPUTES
Entrée le:
20 MAI 2005
Q0447

Lëtzebuerg, den 20. am Mee 2005

Här President,

esou wéi den Artikel 76 vun eisem Reglement et virgesäit, bieden ech lech, dës Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden:

Aus gudd informéierter Quell sinn ech gewuer ginn, datt d'Recetten aus der „taxe sur la valeur ajoutée" (TVA) dëst Joer a bis elo, wäit hannert deem zréckleien, wat am selwechten Zäitraum lescht Joer encaisséiert gouf.

Dëst kann op verschidden Ursaachen zréckzeféiere sinn an ass an deem Sënn beonrouegend, ewéi d'TVA eng generell Konsumsteier ass. En Abroch bei der TVA kann also ob en Abroch am Konsumklima, ergo am Vertraue vun de Konsumenten an d'Zukunft (klammende Chômage, etc.) hindeiten.

Eng aner Ursaach kéint awer verwaltungstechnescher Natur sinn – z.B. Problemer bei der Moderniséierung vun der Enregistrementsverwaltung duerch Schwieregkeeten am Ëmstellungsprozess op modern Informatiounstechnologien.

Dofir dës Froen:

1. Stëmme meng Informatiounen, wat den Abroch vun den TVA-Recetten ugeet?
2. Ass dee Réckgang an den TVA-Recetten op en Abroch am Konsum zréckzeféieren a falls jo, a wéi wäit handelt et sech hei ëm e reng nationale Wiertschaftsproblem oder sinn international Trends hei déterminéierend?
3. Spillen intern Problemer vun der Enregistrementsverwaltung eng Roll an der Baisse vun den TVA-Recetten – a wa jo, a wéi wäit a firwat?

Mat déiwem Respekt,

ALY JAERLING
Volleksvertrieder